N°3048
Entrée le 18.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°3048 vum 16. Oktober 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert d'Verkéierssécherheet am Kader vu Klappjuegten.

*Fro 1: Ass d'Ministesch der Meenung, dass et een Zesummenhang tëschent de Klappjuegd an den doraus resultéierende Geforen fir d'Automobiliste gëtt?*

An dësem Zesummenhang sief als éischt ze betounen, dass et am Hierscht generell zu méi Accidenter mat Wëld komme kann, well doduerch, dass et méi spéit hell a méi fréi däischter gëtt, falen d'Wanderungen an d'Sich no Fudder vun de Wëlddéieren mat den Haaptverkéierszäiten zesummen. Doduerch ass d'Warscheinlechkeet vun engem Accident mat engem Wëld an dëser Joreszäit generell méi grouss.

Wat elo d'Klappjuegten ugeet, esou kann et hei effektiv dozou kommen, dass d'Wëld op dëse Plazen op d'Strooss leeft. Dofir mécht de Ministère zanter e puer Joren zesumme mat der Jeeërfederatioun duerch eng Campagne op dës Situatioun opmierksam. Ausserdeem gi bei Klappjuegten ëmmer Schëlder opgestallt, déi d'Leit op der Strooss solle warne fir, dass sie hire Fuerstil op all Eventualitéit upasse kënnen. All Klappjuegd ass ausserdeem um Site vum Geoportail annoncéiert a gëtt an den Traficinformatiounen um Radio rappeléiert, fir dass d'Leit sech informéiere kënne wou grad eng Juegd stattfënnt.

*Fro 2: Wier net méi verantwortungsvoll, fir d'Geforen fir den Automobilist ofzewenden, andeems ee manner oder keng Klappjuegte géif zouloossen?*

Fir d'Zil vu méi resiliente Bëscher kënnen ze erreechen an de Schued an der Landwirtschaft ze reduzéieren, ass een ugepasste Wëldbestand vu grousser Bedeitung. D'Klappjuegd ass een Element fir de Wëldbestand unzepassen a fir domadder den Obligatioune vun der Juegd Gesetzgebung, déi dem Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit ënnerstallt ass, gerecht ze ginn.

Lëtzebuerg, den 17. November 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes